N° 6117
Reçue le 28.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 28.04.2022

adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den. 28. Abrëll 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Medieminister, d'Madamm Finanzminister an den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Enn vun der Sankt-Paulus-Zeitungsdréckerei, nodeems en auslännesche Konkurrent de Betrib iwwerholl hat, ass en historescht Evenement. Et leet eng nei Period an, well fir d'éischt eng grouss Lëtzebuerger Zeitung am Ausland gedréckt gëtt. Trotzdeem gëtt et eng Rëtsch Froen, déi mir hei wëlle stellen:

1. Ass d'Regierung der Meenung, datt garantéiert ass, datt d'Wort an d'industriell Aktivitéite vun der Sankt-Paulus-Grupp wäerte weiderbestoen?
2. Wat fir Dispositiounen si prett oder gedenkt d'Regierung ze huele fir ze garantéieren, datt d'Pressehëllef fir d'Luxemburger Wort och hei am Land zweckgebonnen agesat gëtt?
3. Sollt esou eng Kontroll onméiglech sinn, huet dat eventuell Auswierkungen op de Montant vun der Pressehëllef?
4. Wat fir Hëllefen vum Lëtzebuerger Staat huet de Groupe Saint-Paul bei der Uschafung vun hirer aktueller Rotatiounsdréckerei zousätzlech zur Pressehëllef kënnen an Usproch huelen? Sinn déi Subventiounen domat net nodréilech a Fro gestallt?
5. Wat fir Garantien iwwert Aktivitéiten zu Lëtzebuerg an Zuel vun de Beschäftegten huet de Groupe Saint-Paul am Kader vu sengem diverse Sozialpläng musse ginn? Sinn déi Verspriechungen agehale ginn? Ass am Kader vun deenen Accorden d'Zoumaache vum industrielle Standbeen vum Grupp méiglech gewiescht?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten